N°1755
Entrée le 10.01.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 10.01.2025

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10/01/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Justiz weiderzeleeden.**

Am RTL-Interview vun haut huet den Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher bemängelt, dass d'Justizautoritéite keng Donnéeën erhiewen a produzéieren iwwert Mannerjäreger, déi a Konflikt mam Gesetz kommen an et hei wéineg kriminologesch Opaarbechtung vun de Fäll gemaach gëtt. Dës Ausso passt an ee Kontext, wou op enger Neijoerschusprooch bemängelt gouf, dass d'Police an d'Justiz net genuch Ressourcen huet, fir effikass kënnen ze schaffen an domadder net all Strofdoten hei am Land kënne verfollegt ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Fro stellen:

1. Produzéiert d'Justiz Zuelen zur Jugendkriminalitéit?
   Falls jo, kënnen dës Zuelen der Chamber oder dem Public presentéiert a verëffentlecht ginn?
   Falls nee, aus wéi enge Grënn ginn déi Donnéeën net ausgewäert?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten